

Lëtzebuerg, den 15 novembre 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

„De Moment si landeswäit 32 Beamten an der Police fir de Jugendschutz zoustänneg. Den Zerwiss vum Jugendschutz ass folgendermoossen opgestallt: Regioun Norden (Dikrech): 2 Beamten; Regioun Osten (Gréiwemaacher): 3 Beamten; Regioun Süden (Esch): 5 Beamten; Regioun Zentrum (Stad): 7 Beamten.

Dës 17 Beamten decken de Volet „Mësshandlung vu Kanner“, „Placementer vu Kanner“ an de ganze Spektrum vun der „Délinquance juvénile“ of (also all Strofdoten, déi vu Mannerjärege begaange ginn). Des weideren enregistréieren dës Beamten all Vergewaltegung vun erwuessene Leit (ausser de Viol a punkto Prostitutioun).

Am meeschte gött dësen Zerwiss vum Jugendgericht befaasst, dat opgrond vu Signalementer, déi vu Schoulen, Crèchen a Maison-Relais gemaach goufen.

Déi zoustänneg Beamte garantéieren och wöchentlich eng national Permanence, déi vun zwee Beamten assuréiert gött, dëst iwwert dat ganz Joer verdeelt.

Ausserdeem gött et eng spezifesch Sektioon vum Jugendschutz (ëm déi 15 Leit) an der Stad, déi sech just ëm Sexual-Strofdote këmmert, déi vu Mannerjärege begaange goufen oder déi Mannerjäreger um eegene Läif erlidden hunn. Dat geet vun „Attentat à la pudeur“ bis hin zu „Cyber-Grooming“, also dem Verschécke vu Plaké-Fotoen duerch Erpressung. Och d'Internet-Pédo-Pornographie fällt an hire Beräich. Ee vun dëse

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Beamte garantéiert och wöchentlech eng national Permanence, déi iwwert dat ganz Joer leeft.

Lëtzebuerg ass keng Insel an d'Zuel vun de Mëssbrauch-Dossiere souwéi d'Affairen am Beräich vun der Maltraitance vu Kanner hunn éischter d'Tendenz zouzehuelen.

An deem Kader wollt mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Justizministesch folgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Beamten, déi de Moment am Departement vun der „police judiciaire section protection de la jeunesse et infractions à caractère sexuel“ schaffen, zanter 2015 entwéckelt?*
- Wéi vill Dossiere gi pro Joer vun dësem Zerwiss behandelt a wéi vill sinn der aktuell nach net ofgeschloss bzw. net ugefaangen?*
- Huet den Här Policeminister wëlles fir d'Personal an dësem spezifesche Beräich opgestockt? Wa jo, wat géif dat konkret bedeiten, vu, datt deen een oder anere Büro iwwerlaascht schéngt ze sinn?*
- Wéi kann een d'Zesummenaarbecht mat der Justiz vereinfachen?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéiert/en

Carole HARTMANN
Deputéiert/en